# DE LOUSCHLËSSEL

Gemeng **Feelen**

NUMMER 24 | FEBRUAR 2023



# INHALTSVERZEECHNIS


**2.** Editorial

**4.** De „Louschlëssel": eng Zeitung fir Kleng a Grouss
Le « Louschlëssel » : un journal pour petits et grands

**EIS GEMENG**
***NOTRE COMMUNE***

**6.** Vereedegung vun zwee neie Membere vum Gemengerot
Assermentation de 2 nouveaux membres du conseil communal

**8.** Nationalfeierdag zu Feelen: e Fest fir Grouss a Kleng!
La fête nationale à Feulen : un événement pour petits et grands !

**12.** Nationalfeierdag zu Feelen: e puer Andréck
La fête nationale à Feulen : quelques impressions

**14.** Op Entdeckungsrees an der Gemeng Feelen!
Partons à la découverte de notre commune !

**16.** Feelen kritt eng nei Gemeng!
Une nouvelle maison communale pour Feulen !

**17.** Déi nei Gemeng: Froen un de Buergermeeschter
Une nouvelle maison communale pour Feulen : entretien avec le bourgmestre

**20.** Straussfeier vun där neier Gemeng
La fête du bouquet de la nouvelle maison communale

**22.** En Tour duerch dat neit Gemengenhaus …
Visite de la nouvelle maison communale …

**28.** En neien Duerfkär fir Nidderfeelen
Réaménagement du « Duerfkär » de Niederfeulen

**29.** Den Amenagement vum neien Duerfkär vun Nidderfeelen
L'aménagement du centre-village de Niederfeulen

**30.** Hochzäiten, Gebuerten a Stierffäll 2020 an 2021
Mariages, naissances et décès 2020 et 2021

**EIS KANNER A JONK LEIT**
***NOS ENFANTS ET JEUNES***

**32.** Schoulklassen 2022/23
Classes scolaires 2022/23

**41.** „Kaffi-Croissant" fir d'Rentrée 2022/23

**42.** Schoulfest 2022

**44.** Molconcours fir Kanner: „Mir soen iech Merci!"

**46.** Erlös über 10.500 Euro vom „Sponsored Run" übergeben

**47.** *Maison Relais* unter Strom

**48.** Summeraktivitéite fir déi Jonk vun der *Nordstadjugend*
Activités d'été pour les jeunes de la *Nordstadjugend*

**EIS VERÄINER**
***NOS ASSOCIATIONS***

**50.** Déi Feelener Musek an de Joren 2021 an 2022

**52.** Auch nicht von der Pandemie verschont:
Déi *Jonk vu gëschter* erlebten eine ruhige Zeit:

**53.** Den Dammekeeleclub um „Télévie" zu Mäerzeg

**54.** Dëschtennis „Coupe de la Waark":
eng Coupe mat Traditioun
Tennis de table : « Coupe de la Waark »

**56.** Den *Dëschtennis Feelen 95* ass stolz drop, erëm eng Jugendsektioun ze hunn!
L'équipe de tennis de table du *Dëschtennis 95 Feulen* est fière d'avoir à nouveau une section jeunesse !

**58.** Déi drëtt Editioun vum „Wikingerschach on the Beach"

**60.** D'Aktivitéite vun den *Nidderfeelener Jongen* tëschent 2020 an 2022

**62.** Loscht op Fussball spillen? Maach mat an der Entente Feelen-Gréiwels-Heischent!
Envie de jouer au football ? Joignez l'entente Feulen-Grevels-Heiderscheid !

**64.** Die *Feelener Uergelfrënn* begehen Jubiläum im Jahr 2023

**66.** *Feelener Fëscherkollegen 92:* d'Saisonen 2020 an 2021

**68.** *Feelener Fëscherkollegen 92:* „6-Länner-Match"

**FESTER AN EVENEMENTER**
***ÉVÉNEMENTS ET MANIFESTATIONS***

**70.** „Tour du Duerf" & „#bike4all: Alles op de Vëlo am Waarkdall", Editioun 2021

**71.** Déi Feelener Seniore goufe geéiert

**72.** D'„Nuit du Sport" zu Feelen
La « Nuit du Sport » à Feulen

**73.** D'Noperschaftsfest op *Hopericht*

**74.** „#bike4all: Alles op de Vëlo am Waarkdall", Editioun 2022

**76.** Den „Tour du Duerf", Editioun 2022

**DËST AN DAT**
***DE CI ET DE ÇA***

**77.** Konveniat vun de Joergäng 1940 bis 1958

**78.** Die Zeit des Heckenschnitts hat begonnen
La période de la taille des haies a commencé

**82.** Der sichere Schulweg
Le chemin de l'école en toute sécurité

**86.** Dampmelder
Détecteur de fumée

**88.** Impressum

# EDITORIAL



Fernand Mergen
Bürgermeister
Bourgmestre

Liebe Mitbürgerinnen und Mitbürger,

Ich bin höchst erfreut, Ihnen nach einer über zweijährigen Pause eine neue Ausgabe des „Louschlëssel" präsentieren zu können. Angesichts der Umstände der letzten Jahre kann dies als Zeichen des wiederaufblühenden Vereinslebens in der Gemeinde gewertet werden. Endlich können wir Ihnen wieder interessante Berichte mitsamt den dazugehörigen Bildern über die vielfältigen Aktivitäten der Vereine, der Kommissionen und der Gemeinde vorstellen.

Der Schöffenrat ist froh zu sehen, dass die entbehrungsreiche Zeit, in der das kulturelle und soziale Leben in der Gemeinde covidbedingt stark gedrosselt wurde, augenscheinlich überstanden ist und wir endlich wieder zurückkehren können zu unserer langersehnten Normalität.

Auch wenn das soziale Leben in der Gemeinde lahmgelegt wurde, haben wir trotzdem feststellen können, dass dies dem Bevölkerungswachstum in unserer Gemeinde nicht im Wege stand. Tatsächlich hatten wir die Ehre, seit der letzten Ausgabe des „Louschlëssel" über 100 zusätzliche Mitbürger in der Gemeinde begrüßen zu können, sodass die Einwohnerzahl aktuell bei 2.356 Personen liegt.

Es versteht sich von selbst, dass mit dem stetigen Zuwachs auch die Verpflichtung für die Gemeinde einhergeht, die Gemeindeinfrastrukturen an die wachsenden Bedürfnisse anzupassen. Wir arbeiten fortlaufend an vielfältigen Projekten, um die Lebensqualität in unserer schönen Gemeinde zu steigern. In diesem Sinne wird in naher Zukunft die Neugestaltung des Dorfzentrums von Niederfeulen angegangen werden, ein Projekt, auf das wir ganz besonders stolz sind, da wir dieses im Rahmen eines Bürgerbeteiligungsprozesses ausgearbeitet haben. Im Dorfzentrum neben dem neuen Gemeindehaus wird die Gemeinde den neu erworbenen Hof für den sozialen Wohnungsbau nutzen, um so ihren Teil dazu beizutragen, bezahlbaren Wohnraum zu schaffen. Des Weiteren steht ein Um- und Ausbau der Alten Schule in Niederfeulen an, da der Bedarf an Klassensälen für die Grundschule stetig steigt. Unmittelbar neben der Alten Schule befindet sich ein weiteres Projekt, welches wir mittelfristig mit Ihrer Beteiligung ausarbeiten wollen: die Umnutzung der Niederfeulener Kirche.

Neben diesen teils noch auszuarbeitenden Projekten werden im Moment zwei sehr wichtige Projekte umgesetzt. So bin ich stolz zu sehen, dass der Bau des neuen Gemeindehauses gut voranschreitet und die Gemeinde bald eine neue Heimat im Herzen Niederfeulens bekommen wird. Aber nicht nur in Niederfeulen ist die Gemeinde fleißig; auch der Umbau und die Sanierung der Alten Schule in Oberfeulen nehmen immer mehr Gestalt an.

Wie Sie bestimmt schon wissen, stehen die Kommunalwahlen vor der Tür und jeder in der Gemeinde Feulen lebende Wahlberechtigte ist aufgerufen, seine Stimme abzugeben. Ich möchte an dieser Stelle die Gelegenheit nutzen, jede und jeden, die oder der sich in der Gemeinde einbringen möchte und seine Ideen zum Wohl der Gemeinschaft umsetzen möchte, aufzurufen, sich als Kandidat für die Wahlen aufzustellen.

Ich wünsche Ihnen in meinem Namen sowie im Namen des Schöffenrates und des Redaktionsteams viel Spaß beim Lesen dieser Ausgabe des „Louschlëssel".

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Après une interruption de deux années, je suis particulièrement ravi de vous présenter la nouvelle édition du «Louschlëssel». Étant donné les circonstances des dernières années, ceci peut être interprété comme un signal de relance de la vie associative dans la commune. Nous pouvons enfin vous présenter des reportages illustrés avec les photos correspondantes des activités diverses organisées par les associations locales, les commissions et la commune.

Le collège échevinal est content que cette période de privations, au cours de laquelle la vie culturelle et sociale au sein de la commune a été freinée par les répercussions du coronavirus, soit apparemment venue à bout et que nous puissions finalement revenir à la normalité tant attendue.

Même si la vie sociale dans la commune a été paralysée, nous avons pourtant pu constater que cette situation ne faisait pas obstacle à la croissance démographique dans notre commune. En effet, nous avons eu l'honneur de souhaiter la bienvenue à 100 citoyens supplémentaires depuis la publication de la dernière édition du « Louschlëssel », de sorte que le nombre d'habitants de la commune s'élève actuellement à 2.356.

Il va de soi qu'une telle croissance est accompagnée d'une obligation pour la commune d'adapter les infrastructures communales aux besoins croissants. Nous travaillons en continu à une panoplie de projets afin d'accroître la qualité de vie dans notre magnifique commune. En ce sens, nous entamerons dans un avenir proche le réaménagement du centre de Niederfeulen, un projet dont nous sommes particulièrement fiers, parce que c'est le produit d'un processus de participation citoyenne. Au centre du village, à côté de la nouvelle maison communale, la commune aménagera des logements sociaux dans la ferme récemment acquise par la commune, afin de contribuer à l'effort de la création de logements abordables. De plus, la transformation et l'agrandissement de l'ancienne école à Niederfeulen sont d'actualité, étant donné que le besoin en salles de classe pour l'école fondamentale est en croissance constante. À proximité de l'ancienne école sera réalisé à moyen terme un autre projet en collaboration avec les citoyens : le changement d'affectation de l'église de Niederfeulen.

À côté des projets à élaborer ou en cours d'élaboration, nous sommes en train de réaliser actuellement deux projets très importants. Je suis fier de voir les progrès du chantier de la nouvelle mairie, de façon à ce que l'administration communale peut bientôt emménager dans sa nouvelle base au cœur de Niederfeulen. En outre, la commune est aussi très active à Oberfeulen : Le réaménagement de l'ancienne école avance sans cesse.

Comme vous le savez, les élections communales s'approchent et tous les électeurs admissibles sont invités à exprimer leur vote. J'aimerais profiter de l'occasion pour lancer un appel à candidatures à toutes celles et tous ceux qui veulent s'engager pour la communauté et qui veulent réaliser leurs idées pour le bien de la communauté.

Je vous souhaite en mon nom personnel, en celui du collège des bourgmestre et échevins et du comité de rédaction une bonne lecture de la nouvelle édition du «Louschlëssel».

# DE „LOUSCHLËSSEL": ENG ZEITUNG FIR KLENG A GROUSS

Léif Kanner, no e puer Joer Paus gëtt et de „Louschlëssel" erëm. De „Louschlëssel" ass eng Zeitung, déi fir d'Leit vu Feelen gemaach gëtt. Fir déi kleng an déi grouss Feelener. Dacks sinn d'Artikelen an der Zeitung fir déi Grouss geschriwwen.

Vun elo u wäert et an all „Louschlëssel" och **Säite fir Kanner** ginn. Hei fannt dir Artikele mat Fotoen a Biller iwwert flott Projeten an der Gemeng Feelen. Oder iwwert Fester. Oder iwwert aner wichteg Saachen. Si sinn extra fir iech geschriwwe ginn. Lauter kleng Puzzlestécker, déi zesummen e faarwegt Bild erginn. Esou wéi hei uewen op der Säit. Kannersäiten erkennt dir dofir och ëmmer direkt un de Puzzlestécker.

Niewent de Kannersäite gëtt et d'**Infokëschten**. Si sinn iwwerall an der Zeitung ze fannen. Och si sinn extra fir iech gemaach. An den Infokëschte gi wichteg oder schwéier Wierder erkläert. Hei gëtt et Äntwerten op Froen. Oder flott Informatiounen zu engem interessanten Theema. Dir fannt d'Infokëschten iwwerall do am „Louschlëssel", wou e Puzzlestéck dobäi ass. D'Kannersäiten an d'Infokëschte gëtt et an zwou Sproochen: op lëtzebuergesch an op franséisch.

Vill Spaass beim Liesen!



Feelener Leit beim Louschläisse virun ongeféier 100 Joer.
Foto: Brochure „Feelen gëschter an haut", Gemeng Feelen
Des habitants de Feulen lors du levage il y a environ 100 ans.
Photo : Brochure « Feelen gëschter an haut », commune de Feulen



Handwierkgeschier fir Lou ze schläissen. De Louschlëssel läit ganz ënnen.
Foto: Museum Prüm
Différents outils pour traiter les arbres afin d'enlever l'écorce. Le *Louschlëssel* se trouve tout en bas.
Photo : musée de Prume

## Wéi kënnt de „Louschlëssel" u säin Numm?

All Zeitung huet en Numm. Dës Zeitung och: Si heescht „Louschlëssel". Firwat heescht si esou?
A wat ass e Louschlëssel?

De Louschlëssel ass en Handwierksgeschier, esou wéi den Hummer oder d'Schëpp. Mam Louschlëssel gëtt d'Schuel vun de Beem lassgemaach. Si gi „geschielt" – esou wéi en Apel. Fir d'éischt gëtt deen ënneschten Deel vum Bam geschielt. Dono gëtt de Bam ëmgeluecht an da gëtt de Rescht vun der Schuel mam Louschlëssel erofgeholl. Net all Bam kënnt heifir a Fro: Et sinn d'Eechen, déi geschielt ginn, fir Lou ze maachen. Dat nennt ee „Lou schläissen".

Fréier ass d'Lou gebraucht ginn, fir aus der Haut vun den Déiere Lieder ze maachen. Aus dësem Lieder sinn dono Schong gemaach ginn. D'Lou war wichteg fir déi Feelener Leit: Vill vun hinnen hunn heimat hir Sue verdéngt. E Louschlëssel gouf et a bal all Haus a jiddwereе wousst, wat dat wier.

Den Numm vun der Zeitung hëlleft, datt de Louschlëssel net vergiess gëtt. A mat him déi Zäit, an där e gebraucht ginn ass.

Haut gëtt et och nach ëmmer Leit zu Feelen, déi Lou schläissen. Awer net méi esou vill wéi deemools. Vläicht kennt dir jo ee vun hinnen?

Wann dir méi wëllt iwwert d'Lou an de Louschlëssel gewuer ginn, da scannt de QR Code. Dir kommt op d'Säite vum *Panewippchen*, der Zeitung fir Jonker vum Naturmusée.

# LE « LOUSCHLËSSEL » : UN JOURNAL POUR PETITS ET GRANDS



Chers enfants, après quelques années d'interruption, ce journal paraît à nouveau. Il porte le nom luxembourgeois de « Louschlëssel ». Le journal est fait pour les petits et grands habitants de Feulen. Cependant, les articles sont souvent écrits par des adultes et pour des adultes.

Désormais, chaque « Louschlëssel » aura des **pages jeunesse**. Ces articles ont été écrits pour vous. Vous y trouverez des textes, des photos et des images sur des projets fascinants. Ou sur des fêtes qui ont eu lieu dans la commune. Ou sur d'autres événements importants qui pourraient vous intéresser. Autant de petites pièces de puzzle qui forment ensemble une image colorée. Les pages jeunesse seront facilement reconnaissables grâce au puzzle multicolore.

Une autre nouveauté du journal sont les **boîtes d'information** que vous trouverez un peu partout dans le journal. Elles présentent des explications, des réponses à des questions, des énigmes, etc. Les boîtes d'information sont elles-aussi marquées par une pièce de puzzle. Les pages jeunesse et les boîtes d'information sont rédigées en deux langues : en luxembourgeois et en francais.

Bonne lecture !

## « Louschlëssel » : D'où vient le nom du journal ?

Chaque journal a son nom à lui. Comme celui que vous tenez entre vos mains. Il s'appelle « Louschlëssel ». Pourquoi porte-il-ce nom ? Et c'est quoi, un *Louschlëssel* ?

Le *Louschlëssel*, c'est un outil de travail, comme le marteau ou la pelle. Il est utilisé pour enlever l'écorce des chênes. Les chênes sont des arbres de la forêt. Leurs troncs sont « pelés » à l'aide du *Louschlëssel* – comme si on pelait une pomme. On commence par la partie inférieure du tronc avant d'abattre l'arbre et d'enlever l'écorce qui reste. Ce travail s'appelle « le levage » puisque l'écorce est « enlevée ». Elle est utilisée pour faire du tan. Le tan est appelé « Lou » en langue luxembourgeoise.

Il y a plus de 100 ans, le tan était utilisé pour fabriquer du cuir. Le cuir était à son tour utilisé pour fabriquer des souliers. Le tan était très important pour les habitants de Feulen. Ils gagnaient beaucoup d'argent en « pelant » les chênes. La majorité des familles possédait un *Louschlëssel*. Le nom du journal rappelle cet outil important et le temps passé.

Si vous voulez savoir plus sur le *Louschlëssel*, il suffit de scanner le code QR. Il vous dirige vers le journal pour enfants *Panewippchen* du Musée national d'histoire naturelle.



E Mann beim Louschläissen am Joer 1930: Hien hëlt d'Schuel mam Louschlëssel vum Bamstamm erof.
Fotoen: Historische Bilddokumente, landesgeschichtliches Informationssystem, Hessen
Levage vers 1930 : L'ouvrier utilise un « Louschlëssel » pour enlever l'écorce d'un chêne.
Photos : Historische Bilddokumente, landesgeschichtliches Informationssystem, Hessen
www.lagis-hessen.de/de/subjects/idrec/sn/bd/id/141-094

# VEREEDEGUNG VUN ZWEE NEIE MEMBERE VUM GEMENGEROT

## ASSERMENTATION DE 2 NOUVEAUX MEMBRES DU CONSEIL COMMUNAL

E Freideg, den 3. Juni 2022, sinn déi nei Membere vum Gemengerot, de Charel Wagner an d'Flore Schank, vereedegt ginn. Si sinn zwee vun am Ganze sechs Feelener Bierger, déi hir Kandidatur fir d'Komplementarwale vum 8. Mee gestallt hunn. Dës waren néideg ginn, well zwee Memberen aus dem Gemengerot, d'Madamm Christianne Mergen an d'Madamm Miriam Correia, aus perséinleche Grënn demissionéiert hunn. Dem Christianne an dem Miriam op dëser Plaz nach eng Kéier e ganz grousse Merci fir hiren Engagement am Déngscht vun der Gemeng Feelen.

Mat der Vereedegung vun deenen zwee neie Conseilleren ass de Gemengerot elo erëm komplett.



Déi zwee frësch vereedegt Membere vum Gemengerot: d'Flore an de Charel
Les nouveaux membres du conseil communal: Flore et Charel

### De Gemengerot

Wou kënnt déi nei Gemeng hin? Kënnt eng Schaukel oder eng Rutschban op d'Spillplaz? Wéi eng Weeër mussen an d'Rei gemaach ginn? Wéivill kascht e Fudder Waasser?

All dëst si wichteg Froen, déi net ouni déi Feelener Leit kënne beäntwert ginn. Zu Feelen wunnen awer iwwert 2000 Leit! Et ass net méiglech, fir jiddwereen ëm seng Meenung ze froen. Dat géif einfach ze laang daueren!

Dofir gëtt et zu Feelen e Gemengerot. Esou wéi an all deenen anere Gemengen zu Lëtzebuerg och. De Gemengerot, dat sinn néng Leit, déi zu Feelen wunnen. Si si vun deenen anere Feelener Leit gewielt ginn. Déi néng Leit huelen Decisioune fir all déi aner Awunner aus der Gemeng mat.

De Gemengerot kënnt e puer Mol am Joer zesummen. Fir iwwert wichteg Saachen ze diskutéieren. Fir zesummen ze kucken, wat gemaach gëtt a wat net. All sechs Joer gëtt en neie Gemengerot gewielt. Wann awer elo virdrun een oder méi Membere vum Gemengerot ophalen, gëtt et éischter Walen. Si heesche Komplementarwalen. Dëst Joer gouf et zu Feelen den 8. Mee Komplementarwalen.

Hei sinn déi néng Leit aus dem Feelener Gemengerot: de Fernand Mergen; den Alain Hansen; den Daniel Wilmes; d'Tanja Bindels-Braun; de Guy Arend; den Thomas Pirsch; de Georges Hentges; de Charel Wagner an d'Flore Schank.

Vläicht kennt dir jo deen een oder aneren?



De gauche à droite: Fernand Mergen, bourgmestre; Flore Schank, conseillère; Thomas Pirsch, conseiller; Charel Wagner, conseiller; Alain Hansen, échevin; Daniel Wilmes, échevin

Le vendredi 3 juin 2022, les deux nouveaux membres du conseil communal, Charel Wagner et Flore Schank, ont été assermentés. Ils sont deux sur six à avoir posé leur candidature pour les élections complémentaires du 8 mai. Deux sièges étaient devenus vacants suite à la démission pour raisons personnelles de Mme Christianne Mergen et de Mme Miriam Correia. Un grand merci à Christianne et à Miriam pour leur engagement au service de la commune de Feulen.

Avec l'assermentation des deux nouveaux conseillers, le conseil communal de la commune de Feulen est désormais à nouveau complet.

## Le conseil communal

Quel sera l'emplacement de la nouvelle commune ? Y aura-t-il une balançoire ou un toboggan sur le nouveau terrain de jeu ? Ce sont des questions importantes auxquelles on ne peut pas répondre sans consulter les habitants de Feulen. Or, Feulen compte plus de 2000 habitants. Demander l'avis de chacun de ses habitants prendrait beaucoup trop de temps !

C'est l'une des raisons pour lesquelles il y a un conseil communal à Feulen. Comme dans toutes les autres communes du Luxembourg. Le conseil communal, ce sont neuf personnes qui vivent à Feulen et qui sont élues par les citoyens de Feulen. Ces neuf personnes prennent des décisions pour tous les autres habitants de la commune.

Le conseil communal se réunit plusieurs fois par an pour discuter des sujets importants et pour prendre des décisions.

Un nouveau conseil communal est élu tous les six ans. Si un ou plusieurs membres du conseil communal démissionnent au cours de ces six années, des élections complémentaires sont organisées. En 2022, les élections complémentaires ont eu lieu le 8 mai à Feulen.

Le conseil communal actuel est composé des membres suivants: Fernand Mergen; Alain Hansen; Daniel Wilmes; Tanja Bindels-Braun; Guy Arend; Thomas Pirsch; Georges Hentges; Charel Wagner et Flore Schank.

Peut-être connaissez-vous l'un ou l'autre ?

# NATIONALFEIERDAG ZU FEELEN: E FEST FIR GROUSS A KLENG!

## LA FÊTE NATIONALE À FEULEN : UN ÉVÉNEMENT POUR PETITS ET GRANDS !

**22.06.2022**



D'Schlass vu Colmer-Bierg
Le château de Colmar-Berg

Photo: Cour grand-ducale
Site: https://monarchie.lu

Den 22. Juni war et endlech erëm esou wäit: Zu Feelen, wéi op villen anere Plazen am Land, ass Nationalfeierdag gefeiert ginn.

Genee geholl ass Nationalfeierdag eréischt den 23. Juni. Awer an deene meeschte Gemenge gëtt schonn den Owend virdru gefeiert. Den Dag drop ass jo keng Schoul. Deemno ass et net esou schlëmm, wann et e bësse méi spéit gëtt.

### Nationalfeierdag

**Nationalfeierdag** gëtt och nach „Grousssherzogsgebuertsdag" genannt. Wéi den Numm et scho seet, gëtt op dësem Dag dem Groussherzog säi Gebuertsdag gefeiert. Vun 1961 un ass dat ëmmer den 23. Juni. Et ass wichteg, datt Groussherzogsgebuertsdag ëmmer op deem selwechten Dag gefeiert gëtt – et ass liicht ze verhalen. Jiddweree weess et. Grad esou wéi jiddweree weess, datt de Kleeschen all Joer de 6. Dezember kënnt.

De Groussherzog gëtt och nach „Grand-Duc" genannt. Hien ass de Staatschef vu Lëtzebuerg. Dat ass eng Zort Kinnek. Anescht wéi an de Märercher kann de Grand-Duc awer net alles maachen, wat hie wëllt. Neen, seng Aufgabe si kloer festgeluecht. De Groussherzog wunnt vill Deeg am Joer am Schlass zu Colmer-Bierg. Dat kennt dir bestëmmt!

De Groussherzog vun haut heescht Henri. Hien ass iwwregens net den 23. Juni op d'Welt komm, mee de 16. Abrëll. An de Groussherzog virun him och net. Hien huet Jean geheescht an hien ass op engem 5. Januar gebuer ginn. Dir verstitt elo, wéi gutt et ass, datt den Datum, op deem Nationalfeierdag gefeiert gëtt, net mat all neiem Groussherzog ännert. Stellt iech emol vir, wat géif dat fir en Duerchernee ginn!

Wann dir méi iwwert de Groussherzog wëllt gewuer ginn, da luusst an de *Piwitsch* eran. Dëst ass eng Zeitung fir Kanner, déi vum Educatiounsministère gemaach gëtt.



De Grand-Duc Henri
Le Grand-Duc Henri

Photo: Cour grand-ducale
Site: https://monarchie.lu

Le 22 juin, Feulen faisait la fête. Comme tant d'autres communes luxembourgeoises. C'était le jour de la Fête nationale. Ou, à vrai dire, la veille de la Fête nationale, puisque le jour officiel, c'est le 23 juin.

## La fête nationale luxembourgeoise

La **fête nationale** est aussi appelée la fête de l'anniversaire du Grand-Duc. Depuis 1961, elle a lieu le 23 juin. Il est important de fêter l'anniversaire du Grand-Duc chaque année à la même date. C'est plus facile à mémoriser. Comme le 6 décembre pour la fête de Saint Nicolas.

Le Grand-Duc est le chef d'État. Une espèce de roi. Cependant, contrairement aux rois des contes de fées, il n'est pas omnipotent. Ses tâches sont bien définies. Un de ses châteaux se trouve à Colmar-Berg. Vous l'avez sans doute déjà vu.

Le Grand-Duc actuel s'appelle Henri. Il est d'ailleurs né le 16 avril et non pas le 23 juin. Son père, Jean, qui était Grand-Duc avant lui, est né le 5 janvier. Il est facile à comprendre pourquoi la date de la fête nationale ne peut pas changer avec chaque Grand-Duc. Quelle confusion !

Vous aimeriez savoir plus sur le Grand-Duc ? Dans le journal pour enfants *Piwitsch*, édité par le ministère de l'Éducation nationale, il y a un article sur cette thématique.




D'Fändele vum FC Feelen a vum Kolping
Les drapeaux du FC Feelen et du Kolping

Zeréck bei den Nationalfeierdag zu Feelen. Um 7 Auer owes ass et lassgaangen. Op dem Parking virun der Schoul. Jiddwereen, dee Loscht hat, konnt matmaachen. D'Veräiner ware wéi all Joer dobäi. Et huet ee si gutt un hiren Uniformen an deene schéine faarwege Fändelen erkannt.

Am Cortège sinn d'Leit zu Fouss op Uewerfeelen bei d'Porkierch gaangen. Well et esou vill Leit waren, ass den Trottoir ze schmuel gewiescht an et gouf iwwert d'Strooss getréppelt. D'Police huet d'Autoen ugehalen, fir datt näischt géif geschéien.

Wéi de Cortège bei der Porkierch ukomm ass, sinn d'Leit an d'Mass gaangen. Et war eng ganz extra Mass. Si gëtt och nach *Te Deum* genannt.

## De Cortège

E **Cortège** ass e Grupp vu Leit, deen zu Fouss geet. Awer net egal wéi. Meeschtens gëtt sech a Reien opgestallt. Veräiner wéi d'Musek oder d'Pompjeeë gi vir a jiddweree probéiert, fir esou ze goe wéi si. Wann eng Tromm dobäi ass, schléit si den Takt fir ze goen (bamm – bamm – bamm). E Cortège gëtt et nëmme bei wichtege Fester oder ganz besonnesche Geleeënheeten. Esou wéi Nationalfeierdag.

No dem *Te Deum* huet de Buergermeeschter, den Här Mergen, eng Ried op der Plaz virun der Kierch gehalen. Dat war e wichtege Moment. Hie war frou, fir esou vill känneg Gesiichter no esou laanger Zäit erëmzegesinn. Hien huet iwwert Corona geschwat an iwwert de Krich an der Ukrain, wou d'Mënschen hiren Nationalfeierdag de 24. August net feiere konnten.

Wéi et däischter ginn ass, sinn d'Fakelen ugefaange ginn. De Cortège ass zeréck op Nidderfeelen bei den Hennesbau gaang. Beim *Hennesbau* war de Grill schonn un an d'Gedrénks war gutt kal. Alles war prett fir dat grousst Fest, dat bis spéit an d'Nuecht gedauert huet.

## Fakel

Eng **Fakel** ass eng kuerz Staang mat engem Gréff a mat enger Spëtzt. D'Spëtzt gëtt ugefaangen an de Gréff ass do, fir d'Fakel unzehalen. Dat ass eng flott Saach, awer et heescht och oppassen. Wann een eng Fakel falsch upéckt, kann ee sech liicht d'Fangere verbrennen. Wann eng Fakel ze vill brennt, gëtt si an engem Eemer mat Waasser geläscht. Am beschte geheit een d'Fakel net an de Gruef. Wann et esou dréchen ass wéi dee leschte Summer, kann de Buedem ronderëm ufänke mat brennen.



De Fakelzuch kënnt zu Nidderfeelen „Op der Baach" un.
Le cortège à flambeaux arrive à Niederfeulen « Op der Baach ».



D'Porkierch vu Feelen
L'église paroissiale de Feulen





Den *Te Deum* an der Porkierch
Le *Te Deum* à l'église paroissiale

À Feulen, les festivités ont commencé vers sept heures du soir. Chaque habitant de Feulen pouvait y participer. Plusieurs associations étaient présentes – comme les pompiers ou les musiciens de la fanfare *Feelener Musek*. Ils portaient de beaux uniformes et des drapeaux multicolores.

Les habitants de Feulen se sont rendus en cortège à l'église paroissiale à Oberfeulen. Pour aller à la messe, au *Te Deum*. Une fois le *Te Deum* terminé, le bourgmestre, Monsieur Mergen, a tenu son discours. Sur la grande place devant l'église. Comme chaque année. Un moment important. Monsieur Mergen était content de revoir tant de visages connus. Il a parlé du coronavirus et de la guerre en Ukraine. Et des Ukrainiens et Ukrainiennes qui ne sauraient pas fêter le jour de leur fête nationale, le 24 août.

À la tombée de la nuit, les torches ont été allumées. Le cortège se rendait à Niederfeulen jusqu'au *Hennesbau* pour continuer la fête.

## La torche ou le flambeau

Ils sont faits à partir de bâtons. Leur pointe est enduite d'une matière inflammable. À l'autre extrémité du bâton se trouve la poignée. C'est amusant de porter une torche. Mais il faut faire attention : si l'on ne porte pas correctement la torche, on peut facilement se brûler les doigts. Lorsque la torche s'enflamme trop, elle est éteinte dans un seau d'eau. Il ne faut jamais jeter une torche, sinon on risque de déclencher un incendie.

## Le cortège

Le **cortège**, c'est un groupement de personnes qui se déplacent d'une façon bien définie en défilant par exemple en rangées. Les associations locales sont à la tête du cortège. Les pompiers et la fanfare définissent la vitesse de marche, souvent à l'aide d'un tambour (bamm – bamm – bamm). Un cortège n'a lieu que lors de fêtes importantes dans la commune. Comme notamment lors de la fête nationale.



De Centre culturel *Hennesbau*
Le Centre culturel *Hennesbau*
Source: Commune de Feulen - Site: https://feulen.lu

# NATIONALFEIERDAG ZU FEELEN: E PUER ANDRÉCK

## LA FÊTE NATIONALE À FEULEN : QUELQUES IMPRESSIONS



De Buergermeeschter Fernand Mergen an déi zwee Schäffen, den Alain Hansen an den Daniel Wilmes (vu lénks no riets), leeë Blumme beim *Monument aux morts* nidder. Hei gëtt un déi Feelener gedeecht, déi wärend dem Zweete Weltkrich fir Lëtzebuerg a fir Feelen gestuerwe sinn. D'*Nidderfeelener Jongen* leeën och Blummen nidder.

Le bourgmestre Fernand Mergen et les deux échevins Alain Hansen et Daniel Wilmes (de gauche à droite) déposent des fleurs au pied du monument aux morts à la mémoire des habitants de Feulen qui ont laissé leur vie lors de la Seconde Guerre mondiale. Les *Nidderfeelener Jongen* déposent eux-aussi des fleurs.



Op dëser Foto sinn d'Blumme virum Monument ze gesinn. Si hunn d'Faarwe vum Lëtzebuerger Fändel: rout, wäiss a blo.

Cette photo montre les arrangements de fleurs aux couleurs du drapeau luxembourgeois qui ont été déposés au pied du monument aux morts.




De Buergermeeschter hält eng Ried. Ronderëm hie stinn d'Memberen vum Gemengerot.

Le bourgmestre prononce son discours, entouré des membres du conseil communal.



Hei gesäit een d'Fändele vun de Pompjeeën a vun der Feelener Musek.

Cette photo montre les drapeaux des pompiers et de la fanfare, la *Feelener Musek*.



D'*Sonnerie aux morts* gëtt gespillt. Si däerf op kengem Nationalfeierdag feelen.

La sonnerie aux morts est jouée. Elle fait toujours partie de la cérémonie de la fête nationale.



Vill Leit sinn och dës Kéier mat bei d'Porkierch op Uewerfeelen komm. An där éischter Rei stinn d'Pompjeeën. Et erkennt ee si un hiren Uniformen.

Cette année, les habitants de Feulen sont à nouveau nombreux à assister à la cérémonie. Les pompiers se trouvent au premier rang. Ils sont facilement reconnaissables grâce à leurs uniformes.



D'Musek spillt. Och si sinn un hirer Uniform gutt z'erkennen. Déi ass awer e bëssen anescht wéi déi vun de Pompjeeën. Fannt dir d'Ënnerscheeder?

Les musiciens de la *Feelener Musek* accompagnent la cérémonie. Ils portent eux-aussi des uniformes. Elles sont différentes de celles des pompiers. Trouvez-vous les différences ?



Beim Fakelzuch ginn d'Pompjeeë virop.

Les pompiers sont en tête du cortège aux flambeaux.

# OP ENTDECKUNGSREES AN DER GEMENG FEELEN!

## PARTONS À LA DÉCOUVERTE DE NOTRE COMMUNE !

### DEEL 1 - 1ÈRE PARTIE

Zu Uewerfeelen an zu Nidderfeelen gëtt et vill flott Plazen, déi nëmmen drop waarden, fir vun iech entdeckt ze ginn. Hutt dir Loscht drop, fir Feelen e bësse besser kennenzeléieren? Jo? Dann näischt wéi lass!

An all „Louschlëssel" wäert et nei Fotoe ginn. Un iech ass et, fir erauszefannen, wou si gemaach goufen.

Dës Kéier geet et ëm **Statuen an Duerstellunge vu Mënschen**. Kuckt iech d'Fotoe gutt un. Fannt dir d'Plazen erëm?

**Vill Spaass bei der Sich!**

À Oberfeulen et à Niederfeulen, il y a beaucoup de belles places à découvrir. Ensemble ou à plusieurs. Est-ce que vous avez envie de connaître un peu mieux votre commune ? Oui ? Alors c'est parti !

Dans chaque journal, il y aura de nouvelles photographies. À vous d'aller voir où elles ont été prises. Allons commencer par des **statues et des peintures d'hommes**.

**Bon amusement !**

**Wësst dir, wou d'Fotoe gemaach gi sinn? Da schreift eis! Dat ass ganz einfach. Wann dir de QR Code scannt, kommt dir op de Froebou.**

Ënnert alle richtegen Äntwerte gëtt e Carnet *Nordpool* fir d'Schwämm zu Colmer-Bierg verloust! Déi richteg Äntwerte wäerten an deem nächste „Louschlëssel" ze fanne sinn. An hei wäerten och nei Plazen op iech waarde fir entdeckt ze ginn. D'Sich geet weider!

**Savez-vous où les photographies ont été prises? Alors écrivez-nous. C'est très simple. Scannez le code QR qui vous donne accès au questionnaire.**

Le gagnant du tirage au sort recevra un carnet *Nordpool* de la piscine de Colmar-Berg. Vous trouverez les réponses dans le prochain numéro de ce journal. Et de nouvelles places à découvrir vous y attendront. Que l'aventure continue !

**Hei geet et bei de Froebou op Lëtzebuergesch**

**Lien vers le questionnaire en français**



**1. Déi kleng Famill ...**
La petite famille ...



**2. De Mann mam Helm ...**
L'homme au casque ...




**3. D'Damm mat dem Kräiz an der Ketten ...**
La dame portant un collier à la croix ...



**4. D'Meedche mat de laangen Hoer ...**
La fille aux cheveux longs ...

# FEELEN KRITT ENG NEI GEMENG!

## UNE NOUVELLE MAISON COMMUNALE POUR FEULEN !

Dir wësst bestëmmt, wou hei zu Feelen d'Gemeng ass. Vläicht waart dir och schonn eng Kéier mat der Mamm oder dem Papp dobannen. Fir eng Carte d'identité ze maachen. Oder fir blo Tute sichen ze goen. Bestëmmt waart dir awer schonn niewendru beim Bäcker a sidd mat enger Tut Mëtschen erëm erauskomm.

Abee, d'Gemeng wäert geschwë plënneren: Vun der Baaschtnecherstrooss, wou si elo ass, an en Deel vum Duerf, deen „Op der Baach" heescht. Da wäert aus der Gemeng vun elo déi al Gemeng ginn. Geschwënn, well nach ass dat neit Gemengenhaus net fäerdeg. Nach ass et e Chantier an et gëtt fläisseg geseet, gehummert a geschrauft. Am Juni 2022 war d'Straussfeier um Chantier. Dat ass ëmmer e gutt Zeechen. Wann d'Strauss gefeiert gëtt, heescht dat, datt et nimmi allze laang dauert, bis e Chantier fäerdeg ass.

### Straussfeier

Wann de Réibau (Fundament, Maueren, Gespär vum Daach) vun engem Gebai fäerdeg ass, gëtt nawell gären e Fest gefeiert. Da gëtt e Beemchen opgeriicht fir ze weisen, datt elo e wichtegen a groussen Deel vum Chantier ofgeschloss ass. Dëse Beemche gëtt „Strauss" genannt. Dacks ass de Beemche mat Flätschen oder Bänner geräscht, net awer mat Bullen, fir en net mam Chrëschtbeemchen ze verwiessselen. Op enger vun de Fotoe gesitt dir de Beemchen, dee fir d'Straussfeier vun där neier Gemeng opgeriicht ginn ass. Hien ass flott geräscht mat Bänner a Loftballonen.

Weider Fotoe vun der Straussfeier fannt dir hannert dësem Artikel.



Straussfeier um Chantier vun deem neie Gemengenhaus
La fête du bouquet sur le chantier de la future maison communale



D'Gemengenhaus an der Baaschtnecherstrooss
La mairie ou maison communale de la route de Bastogne

Vous savez sans doute où se trouve la maison communale à Feulen. Probablement, vous y étiez déjà ensemble avec votre maman ou votre papa. Pour demander une carte d'identité. Ou pour aller chercher des sacs bleus Valorlux. Vous êtes sans doute déjà allés à la boulangerie pour acheter des croissants ou des petits pains. À savoir : En français, la maison communale s'appelle aussi « mairie ».

Eh ben, la mairie va déménager : De la route de Bastogne où elle se trouve actuellement vers une partie du village appelée « Op der Baach ». La mairie actuelle deviendra alors l'ancienne maison communale. Cependant, ce déménagement n'est pas immédiat, puisque la future maison communale n'est pas encore habitable. En effet, elle est en chantier : On y scie, martèle et visse assidûment. En juin 2022, la fête du bouquet a eu lieu sur le chantier. C'est bon signe ! Fêter le bouquet signifie qu'une partie importante de la construction est réalisée.

### La fête du bouquet

Généralement, la fête du bouquet marque l'achèvement du gros œuvre d'une construction (fondations, murs, charpente, etc.). Un arbre, appelé le bouquet, est placé en haut de la construction. Il est décoré de fleurs, de rubans ou d'autres objets. Cependant, il ne porte pas des boules pour ne pas le confondre avec le sapin de Noël.

Vous trouverez plus de photos de la fête du bouquet dans la galerie de photos à la fin de cet article.

# DÉI NEI GEMENG: FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER

## UNE NOUVELLE MAISON COMMUNALE POUR FEULEN : ENTRETIEN AVEC LE BOURGMESTRE

Am Gespréich verréit de Buergermeeschter Fernand Mergen vill interessant Saachen iwwert déi nei an déi al Gemeng.

**Här Buergermeeschter, firwat kritt Feelen eng nei Gemeng?**

D'Gemeng ass zanter méi wéi 40 Joer op där selwechter Plaz: an der Baaschtnecherstrooss. 40 Joer, dat ass eng laang Zäit, an där sech Feelen vill verännert huet. Deemools hu 766 Leit zu Feelen gewunnt. Haut sinn et der bal 2400. Dat sinn dräimol esouvill Awunner wéi 1980!

Feelen ass deemno vill gewuess, d'Gemengenhaus awer net. D'Gebai ass ze kleng. Et gëtt net genuch Bureaue fir all déi Leit, déi hei schaffen. Da gëtt et och keng Plaz fir d'Archive vun der Gemeng. D'Archiven, dat ass do, wou all déi wichteg Saachen, déi an der Gemeng geschéien, gehale ginn. All déi wichteg Saachen aus deene leschten 200 Joer! Dir kënnt iech virstellen, datt dat zimmlech vill ass! An den Archive gëtt et Stellagen a Schief, déi voll gepaakt si mat Klasseuren, Bicher a Këschten.

Haut sinn d'Archive vun der Gemeng an där aler Post. An och hei ass et vill ze kleng. Dofir plënneren d'Archive mat an déi nei Gemeng.

**Wou kënnt dat neit Gemengenhaus hin?**

Dat neit Gemengenhaus kënnt op d'Baach. Dës Plaz heescht esou, well hei fréier dat knaschtegt Gezei an der Baach gewäsch ginn ass. Fréier, wéi et nach keng Wäschmaschinne gouf.

Lors d'un entretien, le bourgmestre Fernand Mergen a fourni beaucoup d'informations intéressantes sur la nouvelle commune.

**Monsieur le bourgmestre, pourquoi nous faut-il une nouvelle maison communale ?**

La maison communale se trouve depuis plus de 40 ans à l'adresse actuelle à 25, route de Bastogne. 40 ans, c'est une longue période pendant laquelle la commune a beaucoup changé. À l'époque, Feulen comptait 766 habitants. Aujourd'hui, il y a presque 2400 personnes qui vivent dans la commune, soit trois fois plus d'habitants qu'en 1980 !

La commune a grandi, la mairie est restée la même. La maison communale est trop petite. Il n'y a pas assez de place pour les gens qui y travaillent. En outre, il n'y a pas de place pour les archives de la commune. Les archives, c'est l'endroit où sont conservés tous les documents importants de la commune des 200 dernières années ! Il y a des armoires et des étagères remplies de classeurs, de livres et de boîtes. Les archives de la commune se trouvent actuellement dans le bâtiment de l'ancienne poste (à côté de la boulangerie). Il n'y a pas assez de place pour tout stocker. C'est pourquoi les archives déménageront eux-aussi.

**Où se trouve la nouvelle maison communale ?**

La nouvelle maison communale se trouve à un endroit du village appelé « Op der Baach ». Le nom de l'endroit traduit en français signifie « près du ruisseau ». Ce lieu s'appelle ainsi parce qu'à l'époque, on y lavait le linge sale à l'aide de l'eau du ruisseau qui coule ici. À l'époque, où la machine à laver n'existait pas encore.



1



**Fernand Mergen**
Bürgermeister
Bourgmestre



2



3

### Wéi gesäit déi nei Gemeng aus?

Elo gesäit déi nei Gemeng esou aus, wéi op der Foto 1. Wa si ganz fäerdeg ass, wäert si esou ausgesinn, wéi op dem Bild mat der Nummer 2. Dat ass awer keng richteg Foto, mee eeben e Bild, dat vun engem Architekt gezeechent ginn ass. En Architekt, dat ass e Mënsch, dee sech nei Gebaier ausdenkt an opzeechent. Den Architekt passt awer och op, datt op dem Chantier alles richteg gemaach gëtt. Net alles un där neier Gemeng wäert awer nei sinn.

### Net alles un där neier Gemeng wäert nei sinn: Wat heescht dat?

Virdru gouf et hei e Bauerenhaff. Op deem Haff huet den Här Jean-Pierre Wahl gelieft. Hien ass vu jiddwerengem „Jemmy" genannt ginn. Hien hat vill al Maschinnen: Trakteren, Mädrescheren, Méimaschinnen … Wéi hien ze al war, fir aleng op dem Haff ze liewen, ass hien an e Fleegeheem geplënnert. Den Haff stoung eidel an d'Maschinne si verkaaft ginn. Op der Foto 3 gesitt dir den Haff vum Här Wahl.

D'Wunnhaus erkennt een direkt erëm: Uewe si véier Fënsteren, ënne sinn et der dräi an d'Hausdier ass an der Mëtt. Dëst wäert bei där neier Gemeng bal d'selwecht bleiwen.

Den Här Wahl ass am Mäerz 2022 gestuerwen. Hien ass 88 Joer al ginn. D'Foto 4 weist hien op sengem Mädrescher. Sie wäert an där neier Gemeng eng Plaz kréien.

### Wat geschitt mat där aler Gemeng an der Baaschtnecherstrooss?

Hei ass Plaz genuch fir e Jugendhaus an zwou Wunnege fir Jonker. E Jugendhaus ass eng Plaz fir jonk Mënsche vun 12 Joer un. Si kommen heihin, wa si nei Frënn wëlle kenneléieren, wa si ee brauche fir ze schwätzen, wa si Spaass wëllen hunn …

Et gëtt awer nach eng aner Iddi: An där aler Gemeng gëtt et och Plaz genuch, fir zwou sozial Wunnengen ze maachen. Dat si Wunnenge fir Famillje mat wéineg Akommes.

Béid Iddie si wichteg a gutt.

### À quoi ressemble la nouvelle maison communale ?

La photo 1 montre la nouvelle maison communale dans son état de construction actuel. Lorsque le bâtiment sera terminé, il ressemblera à celui représenté sur l'image 2. Il ne s'agit pas d'une photo, mais d'une illustration faite par un architecte. Un architecte, c'est quelqu'un qui crée de nouveaux bâtiments et dessine des plans. Il surveille le chantier et s'assure que tout est fait correctement. Cependant, tout ne sera pas nouveau dans le bâtiment neuf.

### Vous venez de dire que tout ne sera pas nouveau dans le bâtiment neuf. Pouvez-vous expliquer pourquoi ?

Avant les travaux, il y avait une ferme dans ce bâtiment. Le fermier était Monsieur Jean-Pierre Wahl, appelé Jemmy. Il possédait de nombreuses machines agricoles : des tracteurs, une moissonneuse-batteuse, etc. Lorsque le vieux fermier ne pouvait plus rester seul à la ferme, il est allé vivre dans une maison de soins. La ferme restait vide et les machines ont été vendues. La photo 3 montre l'ancienne ferme de Monsieur Wahl.

Si vous comparez les plans de la nouvelle maison communale et la photo de l'ancienne ferme, vous allez constater que l'ancienne maison va rester à peu près la même avec ses quatre fenêtres en haut, ses trois fenêtres en bas et sa porte d'entrée au milieu.

En mars 2022, Monsieur Wahl est décédé à l'âge de 88 ans. La photo 4 le montre sur sa moissonneuse-batteuse. Elle trouvera sa place dans la nouvelle maison communale.

### Quel sera l'avenir de la mairie de la route de Bastogne ?

Le bâtiment pourrait accueillir une maison de jeunes ainsi que deux appartements pour jeunes. La maison des jeunes, c'est un espace de rencontres pour jeunes à partir de 12 ans : pour se faire de nouveaux amis, pour s'amuser, pour trouver du conseil et du support, etc.

Au lieu d'y installer une maison des jeunes, il est également envisageable de prévoir deux logements sociaux pour des familles à faible revenu.




4

**Bleift de Bäcker do, wou en elo ass?**

Neen, de Bäcker plënnert och mat op d'Baach. Säin neie Buttek wäert vill méi grouss a méi schéi gi wéi deen alen. An et wäert esouguer Plaz genuch si fir e puer Dëscher a Still. Esou wéi an enger richteger Kaffisstuff. Da kënnt dir är Mëtsch op der Plaz iessen.

**Wéini plënnert d'Gemeng?**

Wann alles riicht leeft, wäert d'Gemeng Enn vum Joer 2023 plënneren.

**La boulangerie va-t-elle rester à l'endroit actuel ?**

Non. La boulangerie sera également transférée dans le bâtiment de la future mairie. Le nouveau magasin sera plus grand et plus beau. Il y aura un coin café avec des tables et des chaises. Vous pourrez ainsi manger votre croissant sur place.

**Pour quand le déménagement est-il prévu ?**

Le déménagement est prévu pour la fin de l'année 2023.

## Wousst dir schonn?

Ganz fréier war d'Gemeng an där aler Schoul, um éischte Stack. Niewent de Bureauen an de Schoulsäll gouf et hei och eng Wunneng fir de Schoulmeeschter. An e grousse Festsall, Dusche fir d'Fussballekipp an eng Zort Pompjeesbau.

## Le saviez-vous ?

Il y plus de 60 ans, la commune se trouvait dans le bâtiment de l'ancienne école. Au premier étage. Outre les bureaux, il y avait un logement pour un enseignant, une grande salle de fêtes, des douches pour le club de football et un petit local de pompiers.

# STRAUSSFEIER VUN DÄR NEIER GEMENG

## LA FÊTE DU BOUQUET DE LA NOUVELLE MAISON COMMUNALE

**01.06.2022**





D'Garage vun där neier Gemeng ass nawell gutt gefëllt. Vill Leit si komm, fir sech de Chantier vu bannen unzekucken.

Le garage de la future mairie est bien rempli. Les visiteurs sont nombreux à vouloir faire le tour du chantier.



Ënnert de Leit sinn och eng Rëtsch Politiker. Vu lénks no riets: Daniel Wilmes, Schäffen; Tanja Braun, Conseillère; Alain Hansen, Schäffen; Fernand Etgen, Chamberpresident; Taina Bofferding, Ministesch zoustänneg fir d'Gemengen; Fernand Mergen, Buergermeeschter.

Parmi les visiteurs, il y a des personnalités politiques bien connues. De gauche à droite : Daniel Wilmes, échevin ; Tanja Braun, conseillère ; Alain Hansen, échevin ; Fernand Etgen, président de la Chambre des Députés ; Taina Bofferding, ministre responsable des communes ; Fernand Mergen, bourgmestre.



D'Aarbechter, déi um Chantier schaffen, sinn och do. Si kréie Merci gesot fir déi gutt Aarbecht, déi si bis elo gemaach hunn. Hannendru stinn d'Aarbechter vum *Service technique* vun der Gemeng Feelen. Och si sinn ëmmer erëm um Dill, wann et heescht, eng Hand unzepaken.

Les ouvriers qui travaillent sur le chantier, sont présents lors de la fête du bouquet. Ils sont remerciés pour leur excellent travail. Les collaborateurs du service technique de la commune de Feulen se trouvent au fond. Ils sont eux-aussi présents lorsqu'il s'agit de donner un coup de main.




De Buergermeeschter Fernand Mergen hält eng Ried.

Le bourgmestre Fernand Mergen tient son discours.



Den Architekt, den Här De Barcy, schwätzt och. Hien ass et, deen d'Pläng vun där neier Gemeng gezeechent huet.

L'architecte, Monsieur De Barcy, parle à son tour. C'est lui qui a créé les plans de la nouvelle maison communale.



Zum Schluss schwätzt och nach d'Ministesch, d'Madamm Taina Bofferding.

Madame la Ministre Taina Bofferding clôture la partie officielle de la cérémonie avec son discours.





An du geet et op Entdeckungsrees …

Ensuite, on part à la découverte …



Et gëtt an et wäert vill ze kucke ginn. Wann dir déi nächste Kéier laanscht déi nei Gemeng gitt, bleift einfach stoen a kuckt iech se un!

Il y a et il y aura beaucoup à voir. Si vous passez devant le bâtiment de la nouvelle maison communale, arrêtez-vous un instant et jetez-y un coup d'oeil.

# EN TOUR DUERCH DAT NEIT GEMENGENHAUS ...

## VISITE DE LA NOUVELLE MAISON COMMUNALE ...



**Sidd dir prett? Dann näischt wéi lass!**
**De Feil weist de Wee.**
***Vous êtes prêts? Eh bien, allons-y.***
***La flèche montre le chemin.***




Blummemauer
*Mur de fleurs*
Viischt Dier
*Porte d'entrée*
Guichet fir d'Baugeneemegungen
*Guichet pour autorisations de construire*
Sëtzeck
*Coin d'attente*


Rezeptioun
*Réception*
Niddrege Comptoir fir
Mënsche mat Rollstull
*Guichet adapté aux personnes*
*en fauteuil roulant*


Banneschten Haff
Cour intérieure
Sëtzeck
Coin d'attente
Bureaue vum
Service technique
Bureaux du
Service technique


Bureau um 1. Stack
Bureau au 1er étage



Grousse Sall fir de Gemengerot, fir Hochzäiten an aner Feierlechkeeten
*Grande salle pour les réunions du conseil communal, des mariages et d'autres festivités*




D'Gemeng vun hannen
*Vue arrière de la commune*


D'Gemeng vun hannen
Vue arrière de la commune
Terrass
Terrasse
Kichen
Cuisine
Passerell
Passerelle
Bureau
Bureau
Bureau
Entrée & Populatiounsbureau
Entrée & bureau de la population
Gemeng Feelen
Bureau
Bäcker
Boulangerie-Pâtisserie
Bureau


Bis geschwënn!
À bientôt!

# EN NEIEN DUERFKÄR FIR NIDDERFEELEN

## RÉAMÉNAGEMENT DU « DUERFKÄR » DE NIEDERFEULEN
















Vu September 2021 u waren d'Awunner vu Feelen agelueden, zesumme mat de Gemengeresponsabelen iwwert deen neien Duerfkär vu Nidderfeelen ze diskutéieren. D'Zil ass et gewiescht, fir lokaalt Wëssen ze sammelen an d'Virschléi vun den Awunner an d'Konzeptioun vum neien Duerfkär mat afléissen ze loossen. Dëse soll esouwuel funktionell wéi och vun enger héijer urbaner Qualitéit sinn.

Am Ganzen hu méi wéi 30 Bierger un de Workshoppen am September 2021 an am Februar 2022 deelgeholl. Hei gouf sech speziell op d'Entwécklung vun de Funktioune vum zukünftegen Duerfkär, d'Gestaltung vun der ëffentlecher Plaz, esou wéi och op d'Verkéiersberouegung an a ronderëm dësen Duerfkär konzentréiert.

Op dës Manéier si ganz vill Iddien a Propose vu Säite vun de Bierger zesummekomm: Am Ganze waren et méi wéi 90 Virschléi! All eenzel Ureegung ass vum Bureau d'études Schroeder & Associés a vun de Gemengeresponsabelen diskutéiert an analyséiert ginn. All Propose sinn an engem Rapport festgehale ginn, deen dir op der Internetsäit vun der Gemeng Feelen fannt (www.feulen.lu). Doriwwer eraus sinn déi Virschléi, déi zeréckbehale gi sinn, am Masterplang vum neien Duerfkär erëmzefannen.

Op dëser Plaz nach eng Kéier e grousse Merci un all déi Feelener Bierger, déi sech hei abruecht hunn, hiren Engagement an hire virbildlichen Asaz. D'Resultat vun dëser Biergerbedeelegung wäert fir d'Gemeng eng ganz wichteg Entscheedungshëllef sinn.

À partir de septembre 2021, les habitants de Feulen étaient invités à participer activement aux discussions portant sur le réaménagement du « Duerfkär » de Niederfeulen. L'objectif était de regrouper le savoir local et d'intégrer les propositions des habitants dans la planification d'un nouveau centre-village, ce dernier étant à la fois fonctionnel et de haute qualité urbaine.

Au total, plus de 30 citoyennes et citoyens ont participé aux ateliers en septembre 2021 et en février 2022. L'accent a été mis sur le développement des fonctionnalités, l'aménagement de l'espace public et la limitation de la circulation. Ce processus a permis de dégager de nombreuses idées et propositions. En effet, plus de 90 propositions ont été formulées lors du processus participatif. Chaque proposition a été par la suite discutée et analysée par le bureau d'études Schroeder & Associés et les responsables communaux. Toutes les propositions ont été intégrées dans le présent rapport de synthèse et, le cas échéant, elles ont également été introduites dans le masterplan du « Neien Duerfkär vun Nidderfeelen ». Elles sont accessibles sur le site de la commune de Feulen : www.feulen.lu. Nous tenons à remercier tous les participants pour leur engagement exemplaire. Les documents issus du processus participatif aideront les responsables politiques dans le processus de prise de décisions.

# DEN AMENAGEMENT VUM NEIEN DUERFKÄR VUN NIDDERFEELEN

## L'AMÉNAGEMENT DU CENTRE-VILLAGE DE NIEDERFEULEN




**1** Neit Gemengenhaus
Nouvelle mairie

**2** Haff *Hess*
Ferme *Hess*

**3** *Shared space*

**4** Gemengeplaz
Place publique

**5** Entrée vum neie Gemengenhaus
Entrée de la nouvelle mairie

**6** Entrée vum ënnerierdesche Parking
Entrée du parking souterrain

**7** Parkplazen
Places de parking

**8** Parkplaze fir behënnert Mënschen
Places de parking pour personnes présentant un handicap

**9** Trottoir

**10** Luuchten
Éclairage

**11** Sëtzgeleeënheete beim Waasser
Bancs près du ruisseau

**12** D'Baach *Feel*
Ruisseau *Feel*

**13** Wee fir op de Parking vum *Kuebebongert*
Chemin en direction du parking du *Kuebebongert*

**14** Wee fir bei de Centre culturel *Hennesbau*
Chemin en direction du centre culturel *Hennesbau*

**15** Wee Richtung Kiemen
Chemin en direction de Kehmen

**16** Wee fir an d'*Rue Eugène Reiser/ d'Rue de la Wark*
Chemin en direction de la rue *Eugène Reiser/ de la rue de la Wark*

**17** Wee fir an d'*Rue de la Fail*
Chemin en direction de la *rue de la Fail*

# HOCHZÄITEN 2020 AN 2021

## MARIAGES 2020 ET 2021



Ney Michel & Bossers Jeanne



Duhautpas Jacques & Kohner Jeanne



Kohn Charles & Gröschel Simone



Guthmann Steve & Faria Alves Patricia



Dos Santos Alves Mike & Forte Carol Anne

| | |
|---|---|
| Duhautpas Jacques & Kohner Jeanne | 14.02.2020 |
| Hess Christophe & Wohlmeiner Kira | 22.05.2020 |
| Gomes Santos Cipriano & Steffen Yolande | 20.06.2020 |
| Laschette Jeff & Back Cindy | 01.08.2020 |
| Kohn Charles & Gröschel Simone | 05.08.2020 |
| Placidi Patrick & Thill Nadine | 29.09.2020 |
| Dos Santos Alves Mike & Forte Carol Anne | 02.10.2020 |
| Guthmann Steve & Faria Alves Patricia | 10.10.2020 |
| Zahitovic Ernes & Goruzdic Ruva | 22.12.2020 |
| Perrin Kim & Meyers Jill | 01.04.2021 |
| Schwartz Joé & Encarnação Sarah | 16.04.2021 |
| Lefeber Eric & Urban Mireille | 26.06.2021 |
| Bouzidi Daniel & Mahowald Jil | 16.07.2021 |
| Winckel Patrick & Rausch Florence | 21.08.2021 |
| Bach Eric & Kinnen Manon | 03.09.2021 |
| Ney Michel & Bossers Jeanne | 09.09.2021 |
| Wilmes Claude & Steichen Joanne | 10.09.2021 |
| Lanners Marc & Graas Sabrina | 18.12.2021 |
| Dos Santos Ribeiro Randy & Teixeira Goncalves Sara | 30.12.2021 |



Joé Schwartz & Sarah Encarnação



Hess Christophe & Wohlmeiner Kira



Gomes Santos Cipriano & Steffen Yolande

# GEBUERTEN A STIERFFÄLL 2020 AN 2021

## NAISSANCES & DÉCÈS 2020 ET 2021

### GEBUERTEN - NAISSANCES

| | |
|---|---|
| Frąś Oliwia | 07.01.2020 |
| Münzer Maia | 30.01.2020 |
| Martins Gonçalves Amalia | 14.03.2020 |
| Schroeder Yannis | 16.03.2020 |
| Weber Marik | 28.03.2020 |
| Ferreira Fernandes Martim | 17.04.2020 |
| Pais Fernandes Noé | 23.04.2020 |
| Santos Yoan | 11.05.2020 |
| Kalmes Philip | 15.05.2020 |
| Rosado Léo | 02.06.2020 |
| Wohlmeiner Emil | 15.08.2020 |
| Yang Zhele | 21.09.2020 |
| Smajovic Arman | 12.10.2020 |
| Jastrzębski Nikodem | 01.12.2020 |
| Rosa Alfaiate Iris | 06.12.2020 |
| Melsen Philippe | 07.12.2020 |
| Medina Da Luz Adelson | 09.01.2021 |
| Schockweiler Pauline | 26.01.2021 |
| Fortes Gomes Elias | 11.02.2021 |
| Oesch Elli | 18.02.2021 |
| Placidi Thill Luca | 20.02.2021 |
| Rocha Pereira Joana | 12.03.2021 |
| Rosa Oliveira Dyego | 31.03.2021 |
| Castro Barbosa Mayel | 31.03.2021 |

| | |
|---|---|
| Hukic Aylis | 08.04.2021 |
| Philippe Ennie | 17.04.2021 |
| Bielous Guthmann Emily | 12.05.2021 |
| Zahitovic Hava | 21.05.2021 |
| Ferreira Cruz Valentin | 01.06.2021 |
| Wilmes Len | 02.06.2021 |
| Gugać Din | 12.06.2021 |
| Perrin Leevi | 24.06.2021 |
| Silva Matias Nicolas | 24.06.2021 |
| Sousa Rodrigues Bryan | 04.07.2021 |
| Ndreca Gioia | 07.07.2021 |
| Rasqué Alix-Charlotte | 25.07.2021 |
| Herzog Yana | 05.08.2021 |
| Rodrigues Philippe Gomes Mateo | 12.08.2021 |
| Amine Manahel | 14.08.2021 |
| Jacobs Raven Ellinor | 08.09.2021 |
| Mendes Phil | 15.09.2021 |
| Esteves Oliveira Gabriel | 20.09.2021 |
| Jungels Mathis | 09.10.2021 |
| Khalil Ivan | 27.10.2021 |
| Visparelli De Girolamo Sarah | 01.11.2021 |
| Al Enezi Kazem | 08.11.2021 |
| Alves Alessio | 25.11.2021 |
| Petracca Aurelia | 30.12.2021 |

### STIERFFÄLL - DÉCÈS

| | |
|---|---|
| Jedrysiak Joseph François | 15.03.2020 |
| Gomes Dos Santos Rita Augusta | 16.04.2020 |
| Kneip Aloyse Philippe | 07.09.2020 |
| Piret Hubert | 20.09.2020 |
| Lommel Antoinette Marguerite | 02.11.2020 |
| Hansen Irma Micheline | 27.11.2020 |
| Kepenne Michel Joseph | 10.12.2020 |
| Dubos Laurent Roger | 22.12.2020 |
| Guis Yvon Jean | 11.03.2021 |
| Schier Agnes Elise | 11.04.2021 |
| Besenius Joseph Gérard | 25.04.2021 |
| Schons Romain | 25.06.2021 |
| Haenen Jeannine Germaine | 29.10.2021 |
| Philippe Jil | 19.11.2021 |
| Hess Camille Joseph | 29.11.2021 |
| Urban Henri | 04.12.2021 |
| Claus Hubert Raymond | 23.12.2021 |

# SCHOULKLASSEN 2022/23

## CLASSES SCOLAIRES 2022/23



Précoce 1 Ries Marine



Précoce 2 Gonçalves Patricia




**Cycle 1A** **Anthon Claudine**




**Cycle 1B** **Gleis Michèle & Klopp Marie-Anne**



Cycle 1C Wersant Nadia




Cycle 1D Karier Carmen



Cycle 2.1A **Simon Caroline**




Cycle 2.1B **Glodt Liz**




**Cycle 2.2A** Wolter Jérôme



**Cycle 2.2B** Godelet Lis




**Cycle 3.1A Fouilleux Estelle (Wagner Linda)**



**Cycle 3.1B Flammang Linda**



**Cycle 3.2A** **Weis Patrick**




**Cycle 3.2B** **Engeldinger Elisabeth**



**Cycle 4.1A** **Reckinger Lex**




**Cycle 4.1B** **Provost Tammy**




Cycle 4.2A Kass Tania




Cycle 4.2B Burg Larissa

# „KAFFI-CROISSANT" FIR D'RENTRÉE 2022/23

15.09.2022



No zwee Joer Paus konnten d'Elterevertrieder de 15. September fir d'Rentrée 2022/23 endlech erëm op hiren traditionelle „Kaffi-Croissant" an de Schoulhaff invitéieren. Bei enger gudder Taass Kaffi an engem Croissant hunn d'Eltere mat hire Kanner an dem Schoulpersonal e flotte Start an dat neit Schouljoer gehat.



**D'Elterevertrieder (vu lénks no riets):**

Pascale Schaul
Sylvie Wagner
Tanja Feinen
Tessy Kohn
Laurence Bernard
Marina Carrelli
Sascha Walisch

Op der Foto feelen: Mona Baum, Donny Oesch, Aurélie Paracchini, Xavier Schoubben, Christian Steinbach

# SCHOULFEST 2022

09.06.2022









































# MOLCONCOURS FIR KANNER: „MIR SOEN IECH MERCI!"







Fir e bëssen Ofwiesslung wärend dem Confinement ze suergen, hunn d'Elterevertrieder aus dem *Kuebebongert* all interesséiert Schoulkanner zu engem grousse fräiwëllege Concours opgeruff.

D'Kanner haten d'Méiglechkeet, fir sech kreativ eppes afalen ze loossen zum Theema: „MIR SOEN IECH MERCI!"

Der Fantasie an der Kreativitéit vun de Kanner ware keng Grenze gesat. E Jury huet déi schéinste Biller respektiv déi schéinste Bastelaarbechten ausgewielt. All Kand, dat beim Concours matgemaach huet, krut als Belounung e klenge Gadget geschenkt.

D'Gewënner konnte sech freeën iwwert e Bong fir eng Entrée fir d'Housener Schwämm, respektiv eng Entrée fir op Dikrech an de Kino.

## D'GEWËNNER VUM CONCOURS:

| | | |
|---|---|---|
| Jonah Loor | Précoce | Madamm Marine Ries |
| Noa Doumbia | Cycle 1.2 | Madamm Claudine Anthon |
| Laura Palgen | Cycle 2.1 | Madamm Lis Godelet |
| Jo Walisch | Cycle 2.2 | Madamm Liz Glodt |
| Wiktoria Frąś | Cycle 3.1 | Monsieur Gilbert Schreiner |
| Dinis Afonso Ramos | Cycle 3.2 | Monsieur Eric Ries |
| Camille Fontaine | Cycle 4.1 | Monsieur Lex Reckinger |
| Inês Simões Ferreira | Cycle 4.1 | Monsieur Lex Reckinger |

D'Elterevertrieder aus dem Kuebebongert




Merci
Corona geh weg!
Es wird




Merci


NOA
MERCI


Mir soen iech MERCI
Mir werten all gut bleiw


CORONA!
Mir soen Iech merci
The End
Concours Am Kuebebongert
©Camille 2020
ANIME
Scan Me !

# ERLÖS ÜBER 10.500 € VOM „SPONSORED RUN" ÜBERGEBEN

**20.05.2022**




Im Rahmen der diesjährigen Schulsportwoche hatten die Schüler aus der Grundschule *Kuebebongert* in Feulen gemeinsam mit ihrem Lehrpersonal einen „Sponsored Run" organisiert, um auf diese Weise Geld zu sammeln, um ein gutes Werk zu unterstützen. So machten sich die Kinder der Zyklen 1 bis 4 auf die Suche nach Sponsoren und fanden dabei Patinnen und Paten, um diese Veranstaltung zu finanzieren. Sie liefen während des Sporttages am 20. Mai 2022 mit voller Kraft und viel Ausdauer ihre Runden und absolvierten dabei eine ganze Menge an Kilometern. Bei diesem Event mit sportlichem Charakter haben sich sämtliche Teilnehmer auch selbst übertroffen.

Mit besonderem Stolz konnten die Schüler im Verlauf einer kleinen Feierstunde gleich zwei Schecks im Gesamtwert von immerhin 10.500 Euro übergeben. Mit aufrichtigem Dank nahm Shirley Feider-Rohen, Präsidentin von *ALAN Luxemburg-maladies rares* den Scheck über 5.250 Euro entgegen. „ALAN hilft Menschen, die mit einer seltenen Krankheit leben müssen, bringt sie zusammen, informiert und berät."

Über einen weiteren Scheck freute sich Frédéric Haupert, Direktor der Vereinigung *Care Luxembourg*. Im Anschluss an seine Erklärungen bedankte sich dieser für die noble Geste aus Feulen und betonte, dass diese bedeutende Spende für die Aktion „Hëllef fir d'Ukraine" auch wirkungsvoll eingesetzt wird. Auch Schulpräsidentin Malou Schmartz bedankte sich ihrerseits bei allen Schülern, Helfern und Sponsoren, die es ermöglichten, mit ihrem Beistand gleich zwei uneigennützige Werke zu unterstützen.

Foto und Text: Charles Reiser

# *MAISON RELAIS* UNTER STROM

## FERIENPROJEKT DER ZYKLEN 2 BIS 4

**31.10-04.11.2022**

Der Ursprung dieses Projekts liegt in den Interessen der Kinder aus den Zyklen 2 und 3, welches wir in Beobachtungen und Gesprächen mit ihnen eruieren konnten. Die Kinder fragten sich: Wie funktioniert unsere Türklingel? Wie gelangt Strom in die Glühbirne? Dieser Neugierde und Entdeckungslust wollten wir mit verschiedenen Lernarrangements Raum geben.

Unser Ziel war es, über verschiedene Wege, bspw. einen Ausflug ins *Science Center* oder ins *Musée Tudor*, den Kindern das Thema „Strom" näherzubringen. Auch wurden Aktivitäten und wissenschaftliche Phänomene zu diesem Thema, durch aktives Handeln in kindgerechtem Rahmen, erfahrbar gemacht.











# SUMMERAKTIVITÉITE FIR DÉI JONK VUN DER NORDSTADJUGEND

## ACTIVITÉS D'ÉTÉ POUR LES JEUNES DE LA NORDSTADJUGEND





Nodeems d'Summeraktivitéiten dat Joer virdrunn zimmlech spontan no deene ville Covid-Restriktiounen an d'Liewe geruff goufen, huet d'Personal vun der Nordstadjugend am Joer 2022 nees e flotte Summerprogramm fir déi Jonk tëschent 12 a 26 Joer opgestallt. Zil dovu war et, fir hinnen en erliefnisräiche Programm mat vill Beweegung, Spaass an „Action" unzebidden.

Wärend véier Woche stounge Konscht, Kultur, Sport a Spill um Programm: Fir Kajak a *Stand Up Paddle*, Floossbau, „Natur a Sport erliewen" a „Grill&Chill" ware mir op de Stau. Och *Wakeboard* a Waasserschi hu fir vill Furri an Erfrëschung gesuergt. Et gouf e Mountainbikecamp vun dräi Deeg, wou et esouwuel iwwert flott Pisten duerch d'Éisleker Landschaften a Bëscher goung, awer och de Knowhow an d'Technik vum Vëlo gouf deene Jonken erkläert. Adrenalin a Thrill gouf et wärend zwee Deeg am *Europapark*, mee och am Héichseelgaart an op der Kartingpist goufen et esou munch spannend a flott Momenter. Déi Jonk konnten hirer Kreativitéit dann och fräie Laf loossen a sech beim „Graffiti & Spray Art Painting" kënschtleresch austoben.

Doniewent hu mir Visitte gemaach op d'Veiner Schlooss grad ewéi an d'*Grottes de Han*, mir hu Frisbee-Golf an Darts gespillt. Zwee flott Hiken duerch de Mëllerdall an d'Nordstad hunn déi Jonk an och d'Educateuren alt emol un d'Schweesse bruecht.

D'Wieder huet leider net ëmmer matgespillt, mee trotzdeem war jiddwereе begeeschtert an de Feedback war vun alle Säiten immens positiv.











Après que les activités d'été des jeunes avaient été spontanément organisées l'année précedente, en conséquence des nombreuses restrictions Covid, le personnel de la Nordstadjugend a aussi su mettre sur pied en 2022 un nouveau programme d'été pour jeunes de 12 à 26 ans. Le but de ces activités était donc de leur proposer un programme varié avec beaucoup de mouvement, de plaisir et d'action.

Pendant quatre semaines, le programme a été axé sur les arts, la culture, le sport et le divertissement. Pour le kayak, le *Stand Up Paddle*, la construction de radeaux, la découverte de la nature et du sport, ainsi que le „Grill & Chill", nous étions au Lac de la Haute Sûre. Le *Wakeboard* et le ski nautique ont également permis aux jeunes de se rafraîchir. L'offre proposait aussi un camp VTT de trois jours, où les jeunes ne pouvaient pas seulement parcourir les pistes à travers l'Oesling, mais où le savoir-faire et la technique du VTT étaient expliqués aux participants. De l'adrénaline et des sensations fortes étaient à l'ordre du jour pendant l'excursion de deux jours à l'*Europapark*, de même qu'au parc d'escalade et sur la piste de karting. Les jeunes ont ensuite pu laisser libre cours à leur créativité et se défouler avec le „Graffiti & Spray Art Painting".

De plus, nous avons visité le château de Vianden, ainsi que les *Grottes de Han*. Nous avons joué au frisbee-golf et aux fléchettes. Deux randonnées avec départ au Mullerthal et arrivée dans la Nordstad ont poussé les jeunes, ainsi que les éducateurs, à leurs limites.

Malgré le temps qui n'était pas toujours optimal, tous les participants ont été enthousiasmés et le feedback a été très positif de tous les côtés.

Traduction française par le comité de rédaction « Louschlëssel »

# DÉI FEELENER MUSEK AN DE JOREN 2021 AN 2022





2



3



4



5

D'Feelener Musek war an deene leschte 15 Méint musikalesch vill ënnerwee an ëmmer um Dill, wann et drëm gaang ass, fir bei enger Manifestatioun eng Hand mat unzepaken.

### KIERMES ZU UEWERFEELEN, DE 26. JUNI 2021

Sou wéi d'Traditioun et wëllt, ass d'Musek zu enger 35 Musikanten duerch d'Duerf gezunn, fir den Hämmelsmarsch ze spillen. Owes goufen dunn op zwou Plazen am Duerf e puer Lidder gespillt, als Ersatz fir de Kiermesconcert, well dëse wéinst den Hygiènesmoossnamen net méiglech war. (Fotoen 1 an 2)

### KIERMES ZU NIDDERFEELEN, DEN 21. AUGUST 2021

Fir d'Nidderfeelener Kiermes ass d'Musek zu enger 40 Musikanten ënnerwee gewiescht, fir den Hämmelsmarsch iwwert den Dag verdeelt ze spillen. Mëttes krut d'Musek vun den *Nidderfeelener Jongen* gegrillt. Owes konnt d'Musek hiren traditionelle Kiermesconcert am Schoulhaff spillen, well d'Hygiènesmoossname gelackert goufen. (Foto 3)

### „#bike4all", DEN 19. SEPTEMBER 2021

Um „#bike4all" huet d'Musek sech ëm dee klengen Honger gekëmmert; hei gouf et Wuppen a Fritte fir z'iessen. Niewent der Aarbecht hannert dem Grill huet d'Strëpp vun der Musek och nach e klenge Concert gespillt. (Foto 4)

### GROUSS BOTZ, DEN 12. MÄERZ 2022

D'Musek ass och 2022 mat enger Grupp bei der Grousser Botz vertruede gewiescht. (Foto 5)

### GALACONCERT, DEN 19. MÄERZ 2022

Den 19. Mäerz huet d'Musek op hiren traditionelle Galaconcert an d'Sportshal invitéiert, no zwee Joer Paus wéinst der Pandemie, mee dofir dëst Joer ouni Restriktiounen.

De Galaconcert stoung ganz am Kontext vun 10 Joer Jugendensembel, ënnert der Féierung vum Sandy de Marie-Schaltz. Duerch de Covid konnt d'Musek de Gebuertsdag net 2020 feieren, mee dëst gouf dann 2022 nogeholl. Fir dëst ze feieren, hat eisen Dirigent, de Patrick Kim Wilhelm, e Stéck extra fir dëse Gebuertsdag arrangéiert. Hei goufe modern Melodien agebaut wéi vun der HBO Serie *Game of Thrones* oder och Melodien aus den *Avengers Filmer*. (Foto 6)



6



7



8



9



10



11

Et goufen awer och aner bekannte Stécker gespillt wéi *The Seventh Night of July*, *The Witch and the Saint*, *Oregon* an *Coldplay in Symphony*. Fir no der Paus hat den Dirigent sech nach eppes afale gelooss; hei gouf *When Thunder Calls* gespillt an d'Musikante sinn der Rei no op d'Bün komm, esou wéi hiren Asaz am Stéck war. Hei war also wuertwiertlech Beweegung an der Musek!

Op dëser Plaz och nach eng Kéier e Merci un eisen Dirigent, deen eis als Musek ëmmer erëm no vir bréngt an nei Grenze sicht. En zweete grousse Merci geet un eis Präsidentin, d'Sandy, dat sech leider entscheet huet, fir als Präsidentin opzehalen. Dofir nach eng Kéier e grousse Merci fir deng Aarbecht déi lescht Joren wéi och e grousse Merci fir deng Zäit an Aarbecht als Dirigentin vum Jugendensembel.

## JUGENDDAG ZU MÄERZEG, DE 5. JUNI 2022

D'Jugendmusek vu Mäerzeg hat d'Nopeschjugendmuseken invitéiert, fir e flotten Nomëtteg mat Concert a Spiller, wou de Jugendensembel och gutt vertruede war. (Foto 7)

## „JOURNÉE DES JEUNES" 2022 (JUGENDMUSEKSDAG) ZU SCHIEREN, DEN 18. JUNI 2022

Am Kader vum 75. Gebuertsdag vun der Schierener Musek gouf eng „Journée des jeunes" organiséiert. Hei waren aacht Jugendmuseke vertrueden, déi jeeweils e Concert gespillt hunn an u klenge Spiller deelgeholl hunn. De Jugendensembel vun der Musek war hei vertrueden an huet bei de Spiller déi drëtt Plaz geholl. (Foto 8)

## KIERMES ZU WELSCHENT, DEN 30. & 31. JULI 2022

2022 huet d'Musek och erëm hir dräi Kiermesse gespillt: Uewerfeelen am Juni, Welschent am Juli an Nidderfeelen am August. Hei gouf jeeweils den Hämmelsmarsch iwwert den Dag verdeelt gespillt an owes den traditionelle Kiermesconcert. D'Fotoe si vun eisem Kiermesconcert zu Welschent, dësen gëtt ëmmer den Dag nom Hämmelsmarsch gespillt, an net den Dag selwer. (Fotoen 9, 10 an 11)

# AUCH NICHT VON DER PANDEMIE VERSCHONT

## DÉI *JONK VU GËSCHTER* ERLEBTEN EINE RUHIGE ZEIT



**Der Vorstand (von links nach rechts):** Loni Reding-Gillen, Georges Fellens, Marcelle Rodesch-Schwartz, Viviane Reinartz-Krack, Fons Schmitz, Marianne Welter-Heintzen, Camille Braun, Léa Busto-Wingert, Aloyse Ottelé

Seit der Auflösung der lokalen Amiperas-Sektion besteht der Seniorenverein *Déi Jonk vu gëschter Feelen* nun schon seit 15 Jahren. Eingangs der diesjährigen Generalversammlung musste die Vereinspräsidentin, im Anschluss an eine Minute der Stille, leider mitteilen, dass der Verein während der letzten zwei Jahre pandemiebedingt eine ruhige Zeit miterleben musste. Trotzdem hielt die Vorsitzende darauf, sämtlichen Vorstands- und Vereinsmitgliedern sowie der Gemeindeverwaltung für ihre Treue und Beistand ihren aufrichtigen Dank auszusprechen.

Laut Sekretärin Marianne Welter-Heintzen fand im Jahr 2020 neben der Generalversammlung ein Mittagessen im Restaurant *Hennesbau* statt. Für das Jahr 2021 ließ man sich nach einer langen Pause im Oktober die Muscheln in Colmar-Berg auch sehr gut munden. Bei der „Journée du Grand Âge" im November kam es erneut zur Ehrung von 23 Geburtstagskindern sowie einem Ehepaar, dem zur goldenen Hochzeit gratuliert werden konnte. Der 8. Dezember war geprägt vom Auftischen eines einheimischen Menüs, gefolgt von der Verteilung der *Boxemännercher* durch Sankt Nikolaus. Der Besuch des Weihnachtsmarktes in Trier, die Reise zur Landesgartenschau auf dem Bodensee sowie die Tage der offenen Tür mussten coronabedingt leider abgesagt werden. Der Vorstand tagte fünf Mal. Die „Portes Ouvertes" wurden ab dem 5. Mai 2022 wieder aufgenommen und finden wegen der Renovierungsarbeiten des Clublokales in Oberfeulen bis auf Weiteres im *Hennesbau* in Niederfeulen statt. Auf dem weiteren Jahresprogramm standen u.a. das Spargelessen im Mai, Vater- und Muttertagsfeier im Juni, Grillfest am 21. Juli sowie die Nikolaus- und Weihnachtsfeier im Dezember. Weiter wurde vereinbart, den Mitgliederbeitrag pro Person auf zehn Euro heraufzusetzen.

Der ausführliche Finanzbericht von Marcelle Rodesch-Schwartz wurde unisono gutgeheißen. Bürgermeister Fernand Mergen lobte die gute Führung der Seniorenvereinigung und wünschte für die Zukunft bessere Bedingungen und weiterhin schöne Momente.

Der Vorstand setzt sich wie folgt zusammen: Viviane Reinartz-Krack (Präsidentin); Marianne Welter-Heintzen (Vizepräsidentin und Sekretärin); Marcelle Rodesch-Schwartz (Kassenwart). Beisitzende Mitglieder sind: Camille Braun, Léa Busto-Wingert, Georges Fellens, Aloyse Ottelé, Loni Reding-Gillen und Fons Schmitz. Als Kassenrevisoren bleiben weiterhin: Tanja Bindels–Braun und Roger May. (Charles Reiser)

# DEN DAMMEKEELECLUB UM „TÉLÉVIE" ZU MÄERZEG

07.05.2022



Den Dammekeeleclub vu Feelen ass um „Télévie" zu Mäerzeg gewiescht. Zu Gonschte vum „Télévie" hu mir op eisem Stand verschidde Saache mat vill Succès verkaaft.

# DËSCHTENNIS „COUPE DE LA WAARK" ENG COUPE MAT TRADITIOUN

## TENNIS DE TABLE « COUPE DE LA WAARK »

**10.09.2022**





Bei der „Coupe de la Waark" handelt et sech ëm en traditionelle Frëndschaftsturnéier deen, wéi den Numm et scho seet, vun deene véier Veräiner ronderëm d'Waark organiséiert gëtt. Dëst sinn d'Veräiner vun Ettelbréck, Welschent, Groussbus-Mäerzeg a Feelen.

All Joer ass et un engem anere Veräin, fir dësen Turnéier z'organiséieren. Dëst Joer, no bal zwee Joer Paus, bedéngt duerch d'Corona-Pandemie, ass et erëm um Dëschtennis vu Feelen gewiescht, fir déi flott „Coupe de la Waark" ofzehalen.

Mëttlerweil ass et déi 37. Editioun, déi konnt ofgehale ginn. Hei gesäit ee gutt, dass dësen Event zu enger reegelrechter Traditioun ginn ass.

Esou hu mir den 10. September zu Nidderfeelen an der Sportshal e flotten Nomëtteg ënnert Dëschtenniskolleege verbruecht. Ofgeronnt gouf dësen Dag mat enger gudder Hameschmier, Fritten an Zalot am Restaurant *Le Millénaire*. Niewent de Spiller vun deene véier Ekippe waren och jeeweils zwee Comitésmembere vun all Veräin mat dobäi. Op dës Manéier hu mir zum Schluss eng flott Ronn zesumme gehat.

Gewonnen huet dëst Joer Groussbus-Mäerzeg; si hu kee Match verluer. Zweete gouf den Dëschtennis vu Feelen, deen nëmmen ee Match verluer huet. Als Drëtte konnt sech den Dëschtennis vun Ettelbréck klasséieren a *last but not least* gouf den *DT Welschent* dee Véierten – si si leider just mat dräi Spiller un de Start gaang an haten esou e liichten Nodeel.

Dat nächst Joer wäert et dann um *DT Welschent* sinn, fir déi 38. Editioun vun der „Coupe de la Waark" z'organiséieren.

Comité Dëschtennis 95 Feelen










La « Coupe de la Waark » est un tournoi amical de longue tradition, organisé par les quatre clubs de tennis de table de la vallée de la Wark, notamment Ettelbruck, Welscheid, Grosbous-Mertzig et Feulen.

Cette année-ci, l'organisation de la 37e édition de la « Coupe de la Waark » incombait au *DT Feelen*. Il faut savoir que ce tournoi annuel est organisé à tour de rôle par les quatre clubs susmentionnés.

Cette année, le club de Grosbous-Mertzig a gagné la coupe, sans perdre un seul match. Le *DT Feelen* s'est classé en deuxième position, avec un match perdu. Le club d'Ettelbruck s'est classé en troisième position et celui de Welscheid en quatrième, sachant que ce dernier était seulement à trois joueurs.

La journée s'est terminée avec un bon repas au restaurant *Le Millénaire*. Outre les joueurs de ces quatre clubs, deux membres du comité de chaque association étaient également présents.

La 38e édition de la « Coupe de la Waark » sera organisée par le *DT Welschent*.

Traduction française : comité de rédaction « Louschlëssel »

# DEN *DËSCHTENNIS FEELEN 95* ASS STOLZ DROP, ERËM ENG JUGENDSEKTIOUN ZE HUNN!

## L'ÉQUIPE DE TENNIS DE TABLE DU *DËSCHTENNIS 95 FEULEN* EST FIÈRE D'AVOIR À NOUVEAU UNE SECTION JEUNESSE !









Zanter dem Summer 2021 hu mir, den *Dëschtennis Feelen 95*, eis dozou verflicht, fir erëm eng Jugend opzebauen. Dofir hu mir och aktiv no engem Jugendtrainer gesicht, dee mir schlussendlech no laangem Siche mam Vincent Goffinet fonnt hunn.

De Vincent ass e lizenzéierten Trainer, deen déi beschten Ekippen am Land trainéiert huet. Ënnert anerem war hien zu Ettelbréck, Wëntger an Diddeleng aktiv. Donieft war hien och eng ganz Rei Jore beim Kader-Training am Trainerstaff.

Haut leet hie säi Fokus éischter op d'Jugendaarbecht an de Veräiner. Momentan ass hien als Jugendtrainer zu Ëlwen, Groussbus-Mäerzeg, Wëntger an elo och zu Feelen aktiv.

Haut zielt den Dëschtennis Feelen aacht bis zéng Kanner, déi mat Freed a Motivatioun reegelméisseg um Training deelhuelen.

Natierlech wiere mir frou, wa mir an Zukunft nach méi Kanner a Jugendlecher bei eis um Training kënnte begréissen. Jiddwereen ass deemno häerzlech invitéiert, fir wärend engem Training eranzeluussen an ze probéieren. Dëst am beschte vu 7/8 Joer un.

De Comité vum Dëschtennis Feelen 95

Depuis l'été 2021, nous nous sommes engagés à remettre en place une équipe jeune. Pour ce faire, nous avons cherché un entraîneur et l'avons trouvé en la personne de Vincent Goffinet.

Vincent est un entraîneur licencié qui a pris en charge les meilleures équipes du pays. Entre autres à Ettelbruck, Wincrange et Dudelange. De plus, il était pendant plusieurs années entraîneur du cadre national.

Aujourd'hui, il met davantage l'accent sur la formation des jeunes. Actuellement, il est entraîneur de jeunes à Troisvierges, Grosbous-Mertzig, Wincrange et maintenant aussi à Feulen.

À l'heure actuelle, le *DT Feulen 95* compte entre huit et dix enfants qui s'entraînent au tennis de table avec motivation et engagement.

Bien entendu, nous serions heureux de pouvoir accueillir à l'avenir encore plus d'enfants et d'adolescents. Nous invitons donc chaque jeune à partir de 7/8 ans qui s'intéresse au tennis de table à participer à une séance d'entraînement et à découvrir ainsi si ce sport lui convient.

Traduction française par le comité de rédaction « Louschlëssel »

### Training fir d'Jugend vum DT Feelen

All Dënschdeg vu 14:15 bis 15:45 Auer

All Donneschdeg gëtt et zwou Leeschtungsgruppen:

1. Grupp vu 16:00 bis 17:00 Auer
2. Grupp vu 17:00 bis 18:30 Auer

### Training fir déi Erwuessen:

All Donneschdeg vu 19:00 bis 21:30 Auer

Wann Dir gär Dëschtennis spillt, vläicht och schonn emol aktiv an engem Veräin gespillt hutt, dann zéckt net a kommt bis laanscht fir ze probéieren a mat eis ze trainéieren. Méi Informatioune fannt Dir op dt95feelen.lu.



### Séances d'entraînement pour jeunes :

Tous les mardis de 14h15 à 15h45

Les jeudis, il y a deux groupes d'entraînement :

1er groupe de 16h00 à 17h00

2e groupe de 17h00 à 18h30

### Séances d'entraînement pour adultes :

Tous les jeudis de 19h00 à 21h30

Si vous aimez jouer au tennis de table et que vous avez peut-être déjà joué activement dans un club, n'hésitez pas et venez nous rejoindre pour découvrir ce sport et vous entraîner avec nous. De plus amples informations se trouvent sur notre site internet dt95feelen.lu.



# DÉI DRËTT EDITIOUN VUM „WIKINGERSCHACH ON THE BEACH"

**17.09.2022**





De 17. September 2022 konnt den *Dësch-tennis Feelen 95* zesumme mat de Kolleege vun de *Sportsdeddessen a.s.b.l.* hiren drëtte „Wikingerschach on the Beach" zu Feelen ofhalen.

Nodeem mir am Ufank vum Joer zu sechs Leit op Wismar op d'Ostseeküst gefuer sinn, wou mir Lëtzebuerg bei der Europameeschter-schaft am Kubbsport vertriede konnten, ware mir voller Tatendrang a Virfreed, fir déi drëtt Editioun vun eisem „Wikingerschach on the Beach" z'organiséieren.

Mat am Ganzen 30 Teamer, 21 Ekippe mat Erwuessenen an 9 Ekippe mat Kanner, hu sech ronn 90 Spiller um Beachterrain zu Feelen ameséiert an Holz widdert Holz geworf.

Dee ganzen Event ass mat Kanneranimatioun (zwee Sprangschlässer), Foodtruck, Tombola, Kaffisstuff wéi och engem Gedrénksstand an engem DJ ofgeronnt ginn.

Schéi war et ze gesinn, datt eisen Turnéier lues a lues fir eng ganz Rëtsch Leit zu enger Traditioun gëtt a vill selwecht Gesiichter wéi déi Jore virdru sech erëm zu Feelen afonnt hunn. Esou och den Titelverdeedeger vum leschte Joer, de *Bifdeck*. Leider ass et fir si dëst Joer net duergaangen. Gewonn huet dës drëtt Editioun d'Ekipp vun den *Tigerenten* déi, wéi d'Gewënner vun deene Jore virdrun, eise Wanderpokal mat heem geholl huet an elo dat nächst Joer muss erëmkommen, fir hiren Titel ze verdeedegen.

Ganz nom Motto „Kubb unites people" ass et eis drëm gaang, dass d'Leit sech bei eis all zesumme fannen an e schéine gemittlechen Dag matenee verbréngen. *Wikingerschach* ass dofir deen ideale Sport.

Mir wëllen awer och all eise Sponsore Mer-ci soen, well ouni si wier dësen Event net méiglech. Dofir nach emol e grousse Merci un all eenzelne Sponsor, deen eis ënnerstëtzt huet.

E grousse Merci geet och un eis Gemeng, déi eis all Joer d'Material zur Verfügung stellt an eis och soss ëmmer tatkräfteg ënnerstëtzt.

Natierlech zu gudder Lescht och all deene Leit e Merci, déi um Dag selwer matgehollef hunn, datt all Spiller, déi matgemaach hunn an och Dir alleguer, déi laanschtkomm sidd a mat eis all zesummen e flotten Nomëtten zu Feelen um Beach verbrénge konnt. Mir freeën eis elo schonn op d'Editioun 2023.

De Wikingerschach gëtt organiséiert vum *Dësch-tennis Feelen 95* an de *Sportsdeddessen asbl.*






95
ORIGER




SPUERKEESS



# D'AKTIVITÉITE VUN DEN *NIDDERFEELENER JONGEN* TËSCHENT 2020 AN 2022




Mir hunn den 8. Februar 2020 eng guidéiert Visitt duerch d'*Chambre des Députés* mam Chamberpresident Fernand Etgen perséinlech gemaach.





COVID-19 huet eis 2020 net dovun ofgehal, eis wéi all Joer um Virowend vun Nationalfeierdag beim Monument vun de Verstuerwenen aus dem Zweete Weltkrich ze treffen an hirer ze gedenken.

